

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bidden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

Am Koalitiounsvertrag vun 2018 steet: "Les centrales nucléaires vieillissantes de Cattenom, de Tihange et de Doel représentent une menace importante pour la sécurité nationale. Le Gouvernement s'engagera auprès des autorités françaises et belges pour la fermeture immédiate de ces centrales nucléaires à risque, se donnera les moyens juridiques nécessaires et soutiendra toute initiative dans ce sens. En contrepartie de la fermeture de Cattenom, un projet commun de promotion des énergies renouvelables dans la région frontalière sera soutenu." Dobäi leeft eng spannungsräich Linn queesch duerch d'EU-Memberstaaten, wat d'Astellung zur Atomenergie ugeet. Vun den 13 EU-Memberstaaten, déi am Moment nach Atomzentrale bedreiwen, plangen der just zwee (nämlech Däitschland an d'Belsch) konkret een Ausstieg aus der Atomenergie, woubäi déi Belsch awer èmmerhin nach 47,56 % vun hirem Stroum aus der Atomenergie gewannen.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Energieminister:

- 1) Gëtt et am Moment schonns ee konkrete "projet commun de promotion des énergies renouvelables dans la région frontalière"?
- 2) Wéi gesäit Lëtzebuerg d'Zukunft vun der ziviller Atomenergie an der Europäescher Unioun, esouwuel wat d'Zuel vun de Staaten ugeet, déi d'Atomenergie benotzen, wéi och d'Zuel an den Typ vun de Reakteren, déi absolut Produktiounscapacitéiten am Beräich vun der Atomenergie an hire prozentualen Undeel un den totalen Energiebesoinen an der Unioun?
- 3) An hirem Spezialbericht zur Klimakris *"Global warming of 1.5°C. An IPCC special report on the impacts of global warming of 1.5°C above pre-industrial levels and related global greenhouse gas emission pathways, in the context of strengthening the global response to the threat of climate change, sustainable development, and efforts to eradicate poverty"* huet de Weltklimarot 2018 Szenarien ausgerechent, fir ze ermëttelen, wéi bei sénkenden CO<sub>2</sub>-Emissiounen de weltwäiten Energiebedarf trotzdem gedeckt kéint ginn. An de meeschte vun den 89 Szenarien, déi vum Weltklimarot kalkuléiert goufen, hëlt den Undeel vun Nuklearenergie a fossile Brennstoffer bis 2050 zou. De Weltklimarot schreift am Hibleck op d'Nuklearenergie: '*comparative risk assessment shows health risks are low per unit of electricity production*'. Wéi steet den Här Minister zu dëse Conclusiounen vum Weltklimarot?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Députéierten